# GWM

**Groussbus-Waler Musek**

*1856 1910 2022*

**www.gwm.lu**









**Du spills en Instrument a sichs eng néi Erausfuerderung?**

Da bass Du bei eis genee richteg!

Mir freeën eis iwwert all neie Musikant, egal ob Amateur oder Profi, ob Jonk oder Al.

Zéck net, Dech bei eis ze melle fir weider Informatiounen. Gäre stelle mir Dir och een Instrument zur Verfügung.

Nieft eise reegelméissege Prouwen, Hämmelsmärsch a Concerten organiséiere mir och aner flott Ausflich an Aktivitéiten.



# Wee si mir?

**Numm:**
Groussbus-Waler Musek asbl (GWM)

**Grënnungsdatum:**
11.11.2022

**Ursprong:**
Groussbusser Musek asbl gegrënnt 1856
Wahler Musik asbl gegrënnt 1910
Säit September 2002 schaffe mir als zwou Nopeschmuseke schonn zesummen, mat engem gemeinsamen Dirigent, gemeinsame Sortien, Fester an Aktivitéiten.

**Firwat elo ee neie Veräin?**
Säit 2002 funktionéiert d'Zesummenaarbecht gutt, déi meescht Musikanten déi an de lëschte Joren dobäi komm si kennen et nit anescht a fir d'Aarbecht intern nach ze vereinfachen hu mir decidéiert just nach ee Kommitee ze hunn.
Sou ass d'Decisioun komm fir een neie Veräin ze grënnen an déi zwee bestoend Veräiner an den zwou ausseruerdentleche Generalversammlungen den 19. Mäerz 2023 opzeléisen. D'Tatsaach dass och déi zwou Gemengen (Gemeng Groussbus a Gemeng Wal) de Wee vun der Fusioun opgeholl hunn, huet eis d'Decisioun vereinfacht.

Eis Museksprouwe si
Freides vun 20 bis 22 Auer.

Eise Jugendorchester prouft
virdrun ab 19 Auer.

Adress:
11 rue Principale
L-8610 Buschrodt

Email: info@gwm.lu

